

Fei Leit

Fei Leit gin zefouss de Paack dee fiert mam Automobil,
Wee keng Fautell huet deen sëtzt sëch grad su gär op d'Still,
Wee kee Piano huet dee spillt e Mondstéck mat Gefill,
Jo daat kascht och nëtt suvill

Refr. Gloré gloré Hallelujah, Gloré gloré Hallelujah,
Gloré gloré Halleluhujah, jo daat kascht och nëtt suvill

Schëtt de Kaffi duerch eng Strëmmt mee huel mer nie eng frësch,
Lee döng Schmier op d'Bänk an stell déng Schung schéin op den Dësch,
Hues de mol keen Essëch dann schëtt Framboise op d'Zalot,
Jo sou huet de Chef gesoot

Refr. Gloré gloré Hallelujah, Gloré gloré Hallelujah,
Gloré gloré Halleluhujah, jo sou huet de Chef gesoot

All der FNEL hier Scouten hun hier Schung mat Fett geschmiert,
An an d'Plaatz mam Biesen, mat der Zännbiescht d'Zelt gekiert,
An daat bäscht Geméiss daat as e Beefsteak fun dréi Pont,
Jo daat hält de Kapp gesond

Refr. Gloré gloré Hallelujah, Gloré gloré Hallelujah,
Gloré gloré Halleluhujah, jo daat hält de Kapp gesond